# PDS NEWS

Februar 2025




## BNE- FOIRE

De 25. Mäerz hunn all d'UNESCO-Schoule gemeinsam e Stand op der 6. Editioun vun der BNE Foire, an och eis Schoul helt dorun deel. Dëst ass eng flott Méiglechkeet fir eis Schoul mat hire Projeten méi visibel dobaussen ze maachen. D'Foire steet ënnert dem Thema “Bildung fir nohalteg Entwécklung”. Wann dir Fotoen oder e flotte Projet dozou maacht, da loosst eis wgl d'Fotoen zoukommen.

## FOTOEN PDS & UNESCO

Dir maacht reegelméisseg flott Aktivitéiten déi och an de Beräich vun der UNESCO an/oder dem PDS falen, dann zéckt net d'Fotoen och an den Dossier “UNESCO + PDS +photos” um Teams ze späicheren, da kommen se och an de Newsletter.




## BEWEEGUNGSPAUS-TIPP

D'Buch “Beweegungspausen” vum Urs Müller an Jürg Baumberger ass eng flott Inspiratioun fir Beweegungspausen tëschenduerch. Dir kënnt et gäre beim Anne Gloesener (C1) léinen.



# KLEES'CHEN

# C1 & C3



## CHRËSCHTMAART AM C1

Dëst Joer hat den C1 erëm e Chrëschtmaart organiséiert. Den Erléis geet un de "Centre de soin pour la faune sauvage du Luxembourg". D'Eltere konnte mat de Kanner e Schoki oder e Glühwäin drénke kommen, an um 19h30 war e klenge Concert wou Lidder gesonge gi sinn, déi am Virfeld dofir geübt gi waren.

